



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Tratten, den 8. Februar 2022

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Lëtzebuerger Schwéngsbauern opgrond vun internationalen Entwécklung finanziell staark ënner Drock stinn,
- datt den EU-Deputéierten an Agrarspriecher vun der EVP, Herbert Dorfmann, vun enger „historesch“ schwéierer Situatioun um Schwéngfleeschmarché schwätzt,
- datt sech d'Situatioun fir d'Schwéngsbauere weider verschäerft, well si aktuell Rekordpräisser fir d'Fudder-an Düngemëttel bezuele mussen,
- datt déi franséisch sougenannten „Interprofession fir Schwéngfleesch“ (Inaporc) schonn op de Wee gaangen ass, fir staatlech Ënnerstëtzung unzufroen,
- datt den Här Landwirtschaftsminister an engem Interview mat der Zeitung „De Lëtzebuerger Bauer“ matgedeelt huet, datt d'Europäesch Unioun sech schwéier domat deet, de Schwéngsbauern zousätzlech finanziell Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen,

fuerdert d'Regierung op,

- déi néideg Dispositiounen ze ënnerhuelen, fir de Lëtzebuerger Schwéngsbauern op nationalem Niveau finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.